# ZOOM. D'STUDENTENZEITUNG

## IWWERBLÉCK


**Studentguide.lu**

03 — Eis Guide ginn digital!

**Student fir 1 Dag**

04 — Dëst Joer konnte Schüler:innen nees wéi gewinnt u verschiddenen Dagesreesen deelhuelen. De Student fir 1 Dag huet wéi gewinnt am März an an der Ouschtervakanz stattfonnt.

**Bourse & Logement**

06 — Nei Upassunge bei der Bourse an eng Logementsëmfro erwaarden d'Studenten.

**REEL**

07 — Vum 18. bis den 21. September huet déi 40. Editioun vun der REEL zu Stroossbuerg stattfonnt.

**Studentefoire**

08 — Den 30. an 31. Oktober ass et nees sou wäit um Campus Belval!

**Events**

10 — Ee gelongene Bal, den Tournoi de Noel an den 10. Anniversaire vun der Regatta.lu hunn de Kalenner vum Joer gefëllt.

**Intercerclen & Baler**

12 — Den Dany Da Silva Pinto am Interview.




## VIRWUERT

Léif Lieser:innen,

Och dëst Joer wëlle mir, d'ACEL - De Studentevertrieder, mat iech zesummen iwwert d'Joer 2025 goen an op déi wichtegst News a Meilesteng vun dësem Joer zeréckblécken.

D'ACEL konnt sech an dësem Joer rëm iwwer e besonnesch gutt besate Comité freeën a vill nei Projeten op d'Been setzen. Vun enger Rave Cave um Studentebal, bis hin zu engem erweiderte Student fir 1 Dag, der Digitaliséierung vun eise Guiden an och engem groussen Asaz fir d'Pensiounsdebatt, war an dësem Joer vun allem dobäi.

Nieft der ACEL gëtt et eng ganz Rei Cerclen déi mir iech hei virstellen. Si sinn ären Uspriechpartner an de verschiddenen Unistied duerch Europa. Wat genau alles lass war an dësem Joer a wat et alles Neies gëtt kanns du hei am Zoom entdecken! An wann s du nach net weess wie mir sinn a wat mir iwwerhaapt maachen, da lueden ech dech an, eis Missioun an eisen Asaz iwwert déi follgend Säiten ze entdecken an och dech fir d'Cercleswelt ze begeeschteren.

Ech wënsche ganz vill Spaass beim Liesen a bis geschwënn!

**Sophie MANGEN**
Vize-Presidentin Informatioun



# WAT ASS D'ACEL?




D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) ass den Daachverband vun de Lëtzebuerger Studentecercelen a vertrëtt d'Lëtzebuerger Student:innen zu Lëtzebuerg an am Ausland. Zu den Haaptaufgabe vun der ACEL gehéiert et d'Schüler:innen an d'Student:innen aus dem Land iwwer déi verschidde Studiegäng ze informéieren, se reegelméisseg zesummenzebréngen a se duerch e permanente Kontakt mat deene verschiddene Ministèren, ze representéieren.

Aus engem Grapp voll engagéierte Student:innen, déi 1984 decidéiert hu, sech zesummen ze doe, fir besser gehéiert ze ginn, ass eng Associatioun ginn, déi net méi aus dem Lëtzebuerger Studentemilieu ewech ze denken ass.

Haut vertrëtt d'ACEL iwwer 45 Studentecercelen, déi duerch d'ganz Welt verdeelt sinn. Et fënnt ee se an Däitschland, a Frankräich, an der Belsch, zu Lëtzebuerg, an Éisträich, an der Schwäiz, a Groussbritannien, an Holland an a Portugal. Dës Cerclen empfänken d'Lëtzebuerger Student:innen wärend hirer Studienzäit an hirer Studentestad a ginn de Student:innen d'Méiglechkeet, u flotten Eventer deelzehuelen.

Dernieft ginn et nach déi fachspezifesch Cerclen. Dozou gehéieren d'Medezins-, d'Ekonomies-, d'Droits-, d'Psychologies-, d'Archivistik/Bibliothekär-, d'Ingenieurs-, d'Historiks-, d'Sport-, d'Politikwëssenschafts- an d'Pedagogikstudent:innen.

Domat vertrëtt d'ACEL iwwer 10.000 Student:innen, wat si zum gréissten a wichtegste Studentevertrieder zu Lëtzebuerg mécht.

ACEL
de Studentevertrieder

IWWER **40 CERCLEN**
VERDEELT OP **10 LÄNNER**
**10 000 STUDENT:INNEN**

## WAT ASS DER ACEL HIR AUFGAB?

### MIR REGRUPPÉIEREN

Ee vun den ACEL hiren dräi Haaptziler ass et, d'Student:innen aus deene verschiddene Stied zesummenzebréngen. Dofir organiséiert d'ACEL alljoers verschidden Evenementer. Ee vun deene gréissten Eventer ass De Studentebal, deen alljoers am Juli stattfënnt. Mat sengem eenzegaartege Konzept bréngt en an engem Owend déi verschidde Kulturen an Traditiounen aus deene verschiddene Studiestied zesummen.

E weidert Event ass den Tournoi de Noël, deen alljoers zesumme mat der LASEL um Geesseknäppchen am Dezember stattfënnt an deene verschiddene Studentecerclen d'Méiglechkeet gëtt, wärend zwee Deeg am Basket, am Volleyball an am Fussball géinteneen unzetrieden. Den Erléis dovu gëtt ëmmer fir de gudden Zweck gespent.

Och d'Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois (REEL), déi alljoers ronn 150 Lëtzebuerger Student:innen an enger europäescher Studiestad zesummebréngt, ass e wichtegt Evenement, dat d'Student:inne vereent.

### MIR INFORMÉIEREN

Der ACEL ass et wichteg, dass d'Schüler:innen an d'Student:innen iwwer hir Méiglechkeeten nom Lycée, wärend dem Studium esou wéi och no de Studien informéiert ginn. Fir dëst Zil ze erreechen, bréngt d'ACEL alljoers verschidde Publikatiounen eraus.

D'Publikatioun "De Studenteguide" ass vollgepak mat Informatiounen zu Problemer déi enger Student:in am Alldag kënne begéinen, wéi zum Beispill Problemer mat Behörden an de verschiddene Studielänner Säit 2020 kritt all Ofschlosssschüler:in aus dem Secondaire dëse Guide fir de Student:innen de Start an d'Studieliewen ze vereinfachen.

Säit dem 1. Oktober gëtt et déi ganz nei Plattform studenteguide.lu déi eis fréier Publikatioune Guide du Futur Étudiant a Guide du Futur Diplômé ofléist. Hei fannen d'Schüler:innen all déi néideg Informatiounen iwwer déi verschidde Studiestied, wéi och iwwer déi verschidde Formatiounen, déi an deenen eenzele Länner ugebuede ginn. Se gëtt de Student:innen awer och eng ganz Rei Informatioune mat op de Wee, déi hinnen de Start an d'Beruffswelt erliichtere sollen.

Fir de Schüler:inne bei hirer Entscheedung iwwert zukünfteg Studien ze hëllefen, organiséiert d'ACEL alljoers de Student fir 1 Dag. Hei hunn d'Schüler:innen d'Méiglechkeet, mat engem Bus an hir zukünfteg Studiestad ze fueren a sech op der Plaz vun de Lëtzebuerger Student:innen d'Stad, d'Uni an aner Raimlechkeete weisen ze loossen. Säit véier Joer hunn d'Schüler:innen och d'Méiglechkeet, an dräi zousätzlech Stied mam Fliger ze reesen.

D'ACEL an hir Membercerclë sinn och alljoers op der Foire de l'Étudiant vertrueden, déi am Oktober stattfënnt, fir den zukünftege Student:innen esou vill wéi méiglech nëtzlech Informatioune mat op de Wee ze ginn an hinnen all hir Froen, wat d'Studéieren ugeet, ze beäntwerten.

Donieft geet d'ACEL och reegelméisseg an déi verschidde Lycéeën uechtert d'Land, fir d'Schüler:innen iwwert d'Studien ze informéieren. D'Schüler:inne kommen esou a Kontakt mat de Lëtzebuerger Student:innen a kënnen sech all hir Froen iwwert d'Studieliewe beäntwere loossen.

### MIR REPRESENTÉIEREN

Nieft dem Regruppement an der Informatioun vertrëtt d'ACEL d'Student:inne virun den Autoritéiten a verdeedegt hir Rechter. D'ACEL ass ideologesch a parteipolitesch neutral, dat heescht, dass si keng bestëmmt parteipolitesch Meenung vertrëtt. Dat ass extrem wichteg, well d'ACEL dem Usproch, all d'Student:innen ze representéieren, wëll gerecht ginn.

An dësem Kontext steet d'ACEL a reegelméissegem Dialog mat de verantwortleche Ministèren, ënner anerem dem Ministère fir Héichschoulbildung a Fuerschung, wéi och dem Aarbechtsministère.

D'ACEL ass awer net nëmmen national aktiv, mee hëlleft och de Student:innen am Ausland bei Problemer mat den Autoritéiten.

Een Thema wat d'ACEL schonn ëmmer begleet a beschäftegt ass d'Bourse. Hei ass een am reegelméissegen Austausch fir d'Bourse un déi aktuell Erausfuerderunge vun de Student:innen unzepassen.

E weidere bedeitende Sujet ass d'Stagegesetz. 2020 ass dëst a senger éischter Form gestëmmt ginn, wat et erméiglecht huet de Stagë vu Schüler:innen oder Student:innen zu Lëtzebuerg e legale Kader ze ginn. 2023 gouf d'Stagegesetz eng éischte Kéier ugepasst.

D'ACEL beschäftegt sech awer och mat weidere fir d'Student:inne relevant Themen, sief et den Transport an de Logement zu Lëtzebuerg, de Pensiounssystem oder de Rundfunkbeitrag fir der nëmmen ee puer ze nennen.

**Gianni di Paoli**
President

# STUDENTEGUIDE.LU: DENG ZUKUNFT AN ENGEM KLICK

Frësch vun der Première an du weess net genau wouhin? Oder bass du nach am Lycée a wëlls dech informéieren wéi et duerno kéint weidergoen? Da géife mir dir uroden op eiser fuschneier Websäit, studenteguide.lu eranzeluussen!

Mee och fir Student:innen, déi scho méi wäit an hirem Studium sinn hu mir sou munch nëtzlech Artikelen, zum Beispill fir déi, déi de Bachelor schonn an der Täsch hunn an elo op der Sich no engem Master-Studiegang sinn.

De Studium ofgeschloss an elo prett fir d'Aarbechtswelt? Och dofir hu mir wichteg Informatiounen op eiser Websäit gesammelt, fir dass een Theme wéi Virstellungsgespréich, Krankekeess, Pensiounskeess an Aarbechtssecteur gesammelt op enger Plaz fënnt.

Dës Websäit ass ee grousse Schratt fir d'ACEL a Richtung Digitalisatioun, an huet soumat de Pabeierformat vun dem "Guide du futur étudiant" an dem "Guide du futur diplômé" ofgeléist, a bréngt zousätzlech d'Informatioune vum "De Studenteguide" mat.

Wa mir nämlech zeréck kucken: Zanter méi wéi 35 Joer publizéiert d'ACEL de "Guide du futur étudiant", deen all Joer zesummen mat der Rentrée veröffentlecht gouf. Fir méi genau ze si gëtt et dëse Guide säit 1988 an ass eng wichteg Informatiounsquell fir Jonker déi hir Studien zu Lëtzebuerg oder am Ausland wëllen ufänken. Bis haut fannen déi zukünfteg Student:innen hei alles wat si iwwer d'Aschreiwungen, d'Wunnengssich awer och d'Studentencercelen an deene verschiddene Studentestied wësse mussen.

1998 koum mam « Guide du futur diplomé » eng zweet Publikatioun dobäi, déi déi Jonk mat Informatiounen zum Antrëtt an d'Beruffsliewe versuergt. Hei fënnt een Informatioune, wéi een sech an engem Entretien verhält, wéi e gudden CV ausgesäit, op wat ee bei engem Aarbechtskontrakt soll oppassen, wat op een a punkto Stéieren zoukënnt a villes méi.

2019 ass d'Publikatiounsrei vun der ACEL duerch « De Studenteguide » ergänzt ginn, deen de Student:innen eng Hëllefsstellung bei Problemer mat Behörden an de verschiddene Länner soll ginn. Säit 2020 kritt all Ofschlossschüler:in aus dem Secondaire dëse Guide.

De Site www.studenteguide.lu couvréiert 33 Studentestied an 9 verschiddene Länner, 8 Fachrichtungen an och aner Informatiounen, déi der Studienorientatioun (GapYear, Erasmus, Maison de l'orientation, Stagen) oder dem Iwwergang an d'Beruffsliewen déngen. Zukünfteg hofft d'ACEL, dass mir den Inhalt nach weider kënnen ausbauen an eng lieweg Plattform kënne bidden, déi sech un d'Besoine vun de Schüler:innen a Student:inne riicht.

D'Publikatioun « De Studentguide » gëtt weiderhin als « Pocket Edition » vun der Websäit veröffentlecht mat engem QR-Code, deen direkt op de Site féiert. Dëse Guide wäert och weiderhin den Ofschlossschüler:innen aus de Lycéeë bei de Premièresdiplom dobäigeluecht ginn a wäert och op der Studentefoire de Schüler:innen zur Verfügung stoen.

Ab elo hunn déi Jonk also d›Méiglechkeet, sech dat ganzt Joer iwwer, vun iwwerall aus, ze consultéieren: aktualiséiert a ganz einfach zougänglech. Soumat hofft d'ACEL allen (futur) Student:inne sou gutt wéi méiglech bäizestoe, fir dat jidderee säi Wee fënnt.

**Jo-Anne Maathuis**
Pilier Informatioun



# STUDENT FIR 1 DAG 2025




Als Schüler:in, besonnesch op Première, steet ee viru wichtegen Entscheedunge fir d'Zukunft: Soll ech studéieren oder net? Op wéi eng Uni? Wéi ee Studium ass dee richtege fir mech?

De Projet „Student fir 1 Dag" bitt eng eemoleg Geleeënheet, d'Unien an d'Unisstied op eng ganz besonnesch Aart a Weis kennenzeléieren an deene Jonke bei hirer Entscheedung ze hëllefen. An der Ouschtervakanz besteet d' Méiglechkeet un organiséierten Dagesreesen deelhuelen, wou déi perfekt Geleeënheet ass, de Lycéesschüler:innen ze weisen, wat se op der Uni erwaart. D' Optioun besteet un enger oder u méi Dagesreesen deelhuelen a soumadder verschidde Studentestied ze besichen.

Den Oflaf vum Student fir 1 Dag ass ganz einfach: Moies geet et mam Bus oder Fliger vu Lëtzebuerg aus an déi verschidde Studentestied. Op der Plaz ginn d' Participante vum Studentecerclë aus der Stad selwer accueilléiert a kréien do déi wichtegst Informatiounen zur Studienoffer, de Coursen, dem Studenteliewe wéi och dem Cercle. No engem gemeinsame Méttegiesse ginn am Uschloss déi wichtegst Gebaier vun den Unien an den Héichschoulen, wéi och déi schéinst Ecker vun der Studentestad gewisen. Owes geet et dann erëm zeréck op Lëtzebuerg.

Am Kader vum Student fir 1 Dag stinn och verschidden Dagesreesen um Programm, déi op Eegeninitiativ mussen ugefuer ginn, wou d'Schüler:innen awer op der Plaz vum Studentecercle encadréiert ginn. Dëst ass de Fall fir déi Stied, déi méi wäit fort leien, wéi zum Beispill Innsbruck, Lausanne a Fribourg. Wa fir eng Destinatioun schon all Plaazen am Bus oder Fliger voll sinn, ass eng Urees an Eegeniniiativ och méiglech.

De Student fir 1 Dag 2024 huet wéi gewinnt an der Ouschtervakanz vum 2. bis de 13. Abrëll stattfonnt. 25 Stied goufen a siwe verschiddenen Länner besicht. Um Programm stoungen folgend Stied: Amsterdam, Belval (Uni.lu), Berlin, Bonn, Bréissel, Köln, Düsseldorf, Freiburg, Fribourg (CH), Heidelberg, Innsbruck, Kaiserslautern, Karlsruhe, Lausanne, Léck, Maastricht, München, Nanzeg, Oochen, Paräis, Saarbrécken, Stroossbuerg, Tréier, Wien an Zürech. Di éischte Kéiwer waren och eis fachspezifesch Cerclen dobäi. D'Disziplinne Medezin, Droit, Ekonomie, Ingenieurs- a Naturwëssenschaften an Bibliothéiks- Dokumentatiouns- an Archivistikstudien waren vertrueden. Am Ganzen gouf et 535 Participatiounen. Op dëser Plaz wëlle mir och nach eng Kéier eisen 30 Membercerclë Merci soen, déi beim Student fir 1 Dag an hirer Studentestad an Disziplin matgemaach hunn, a fir een informativen Austausch gesuergt hunn.

Mir hoffen, datt mir an der Ouschtervakanz 2025 de Student fir 1 Dag erëm an deene jeeweilege Studentestied organiséiere kënnen, esou wéi dat dëst Joer nees de Fall war.

Du wëlls gäre studéiere goen, mee du weess nach net, wat dech op der Uni erwaart? Du weess net, wou s du wëlls studéiere goen a wéi eng Uni déi richteg fir dech ass? Da sief och du Student fir 1 Dag a maach d'nächst Joer an der Ouschtervakanz beim Student fir 1 Dag mat.

**Sophie MANGEN**
Vize-Presidentin Informatioun

## HEI NACH WICHTEG INFORMATIOUNEN:

**Bis wéini kann een sech umellen?**
Zwee bis dräi Schaffdeeg virun der Rees. D'Plazen si limitéiert, déi éischt si vir!

**Wat ass alles am Präis mat dran?**
Bei all Rees ass de Programm an der jeeweileger Stad souwéi e Méttesiessen am Präis mat dran. Zousätzlech ass bei de Stied (mat Ausnam vun Innsbruck, Lausanne a Fribourg) och den Transport mam Bus oder Fliger am Präis mat abegraff.

Den Transport mam Fliger gëtt nees op Berlin, München a Wien organiséiert.

**Ech sinn net op Première, dierf ech awer deelhuelen?**
Jo, jiddereen, dee wëll, dierf um Student fir 1 Dag deelhuelen.

**Wou kann ech mech informéieren?**
All d' Informatioune fënns du op acel.lu/sf1d. Bei Froe kanns du eis och direkt iwwer Facebook, Instagram oder per E-Mail op **contact@acel.lu** erreechen.

**Wien organiséiert de Student fir 1 Dag?**
De Student fir 1 Dag gëtt vun der ACEL an Zesummenaarbecht mat de Cerclen an de jeeweilege Stied, souwéi vu Voyages Emile Weber an der Luxair organiséiert. An der Studentestad ginn d'Schüler:innen déi ganzen Zäit vun de Lëtzebuerger Student:innen aus der jeeweileger Stad encadréiert.



Das Kombi-Paket
Mobilfunk & Internet
POP
TV
POP Mobile L-Abo
25,50€
/ Monat*
bis zu Ihrem 26. Geburtstag
~~51€~~
Unbegrenztes Datenvolumen
+ein gratis* eboo Bankpaket!
*Siehe Bedingungen auf
post.lu/promo-jeunes
POST LUXEMBOURG




# UPASSUNG VUM AIDEFI-GESETZ

Als Schüler:in, besonnesch op Première, steet ee viru wichtegen Entscheedunge fir d'Zukunft: Soll ech studéiere goen oder net? Op wéi eng Uni? Wéi ee Studium ass dee richtege fir mech?

De Projet „Student fir 1 Dag" bitt eng eemoleg Geleeënheet, d'Unien an d'Unisstied op eng ganz besonnesch Aart a Weis kennenzeléieren an deene Jonke bei hirer Entscheedung ze hëllefen. An der Ouschtervakanz besteet d' Méiglechkeet un organiséierten Dagesreesen deelhuelen, wou déi perfekt Geleeënheet ass, de Lycéesschüler:innen ze weisen, wat se op der Uni erwaart. D' Optioun besteet un enger oder u méi Dagesreesen deelhuelen a soumadder verschidde Studentestied ze besichen.

Den Oflaf vum Student fir 1 Dag ass ganz einfach: Moies geet et mam Bus oder Fliger vu Lëtzebuerg aus an déi verschidde Studentestied. Op der Plaz ginn d' Participante vum Studentecerclë aus der Stad selwer accueilléiert a kréien do déi wichtegst Informatiounen zur Studienoffer, de Coursen, dem Studenteliewe wéi och dem Cercle. No engem gemeinsame Mëttegiesse ginn am Uschloss déi wichtegst Gebaier vun den Unien an den Héichschoulen, wéi och déi schéinst Ecker vun der Studentestad gewisen. Owes geet et dann erëm zeréck op Lëtzebuerg.

Am Kader vum Student fir 1 Dag stinn och verschidden Dagesreesen um Programm, déi op Eegeninitiativ mussen ugefuer ginn, wou d'Schüler:innen awer op der Plaz vum Studentecercle encadréiert ginn. Dëst ass de Fall fir déi Stied, déi méi wäit fort leien, wéi zum Beispill

**Laurent Schengen**
Vize-President Représentatioun

# LOGEMENT

D'Wunnengskris ass cho länger e Problem zu Lëtzebuerg betrëfft déi ganz Gesellschaft, mee besonnesch déi Jonk an d'Student:innen, déi dacks keng eegent Akommes hunn. Emsou méi schlëmm gëtt dee Problem, wann een an de leschte Wochen a Méint an den Nooriichten heiert, dass de Projet „Porte de France" kuerz virun der Annulatioun steet an aner Student:innen a mënschenonwierdege Verhältnisser wéi am Galileo Gebai um Belaval muss liewen. Duerch d'Annulatioun vum Projet Porte de France géifen 140 Studentewunnengen net gebaut ginn, dat aus finanzielle Grënn. D'Ausschreiwunge fir dëse Projet hu scho 2008 ugefaangen, an d'Fäerdegstellung war fir 2027 virgesinn. Aus eiser Siicht hätt een also scho vill méi fréi kënne feststellen, datt d'Käschteberechnung net opgeet, an no Léisunge sichen, éier een op de Punkt kënnt, wou mir lo stinn.

Natierlech ginn et och nach aner Bauprojeten déi momentan parallel lafen. Mee och do ginn d'Entwécklung ze lues virun a kënne weder elo nach bei hirer Fäerdegstellung de Besoin u Studentewunnengen décken, deen an den nächste Joeren nach klamme wäert.

D'ACEL huet dowéinst vir kuerzem eng Ëmfro lancéiert, fir den anere Logementsproblemer nieft dem Wunnengsmanktem, op de Grond ze goen. En Deel vun dëser Enquête beschäftegt sech och mat dem Afloss, deen d'Effizienz vum ëffentlechen Transport op dëse Problem huet. Wann d'Ëmfro an d'Bewäertung dovu bis ofgeschloss sinn, plangt d'ACEL, sech un déi zoustänneg Ministerien ze wende, fir zesumme mat hinnen no konkrete Léisungen ze sichen.

Mat dësem QR-Code fannt dir eis Ëmfro. Maacht mat an hëlleft eis Liewenskonditioune vun de Student:innen ze verbesseren.

**Laurent Schengen**
Vize-President Représentatioun

# REEL 2025

Déi 41. Editioun vun der REEL (Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois) huet dëst Joer vum 18. bis den 22. September fir déi véierte Kéier zu Stroossbuerg stattfonnt.

Ronn 150 Student:innen hu sech iwwer véier Deeg zesummefonnt, fir un engem flotte Programm deelzehuelen. Si haten d'Chance, sech mat hire Matstudent:innen aus ganz Europa iwwert déi verschidden Themen aus hirem Alldag auszetauschen. Ausserdeem konnte si sech mat Vertrieder:innen aus der Politik an der Lëtzebuerger Gesellschaft austauschen a sech mat Lëtzebuerger Entreprisë vernetzen. Dat grousst Thema, dat intensiv op döser REEL beschwat gouf, war "Prix flambants et retraites en danger – un avenir prospère est-il toujours possible au Luxembourg ?".

Den éischte Moie goufen d'Student:innen no enger Busfaart vu ronn 3 Stonnen zu Stroossbuerg mat engem klenge Moiesiessen an engem Kaffi am Hostel begréisst, ier et dann direkt mam offizielle Programm lassgaang ass. Traditionell fänkt d'REEL ëmmer mat Workshops un, déi vum ACEL-Comité ugebuede ginn. An engem Workshop mam Titel „AI am Studium – Chancen a Grenzen" hunn d'Student:innen Erfarungen aus dem Studenteliewen mat kënschtlecher Intelligenz ausgetosch an iwwer aktuell Regelungen an déi zukünfteg Roll vun AI am Studium diskutéiert. Aus dësem Workshop konnt een de Fazit rauszéien, dass den Ëmgang mat KI net kloer genuch festgeluecht ass an et sech deelweis innerhalb vun enger Uni ënnerschiddlech gehandhabt gëtt. Dowéinst gi sech universell Reegelunge gewënscht, déi de Fortschrëtt vun der KI awer och net ze vill agrenzen. E weidere Workshop hat den Titel „Generatioun Post-Corona an de Cerclen", wou driwwer geschwat gouf, wéi een Student:innen no der Pandemie erëm zeréck an d'Cerclesliewen integréiert kritt. En drëtte Workshop mam Titel „Informatioun behind the scenes" hat als Zil, dass d'Cerclë sech austausche kënnen iwwer de Student fir 1 Dag an d'Studentefoire. Dobäi konnte si och en Iwwerbléck iwwer d'Informatiounsaarbecht vun der ACEL an de Lycéeë kréien.

D'REELaner:innen haten am Viraus d'Méiglechkeet, sech fir ee Workshop ze entscheeden a konnte sech do dann a méi klenge Gruppen zu deem jeeweilegen Thema austauschen. No deelweis ganz interessanten a konstruktiven Diskussioune sinn all d'REELaner:innen nach eng Kéier an enger gemeinsamer Plenière zesummekomm, fir d'Resultater aus de verschiddene Workshops ze presentéieren, sou dass duerno jiddereen och eng Iddi vun den Diskussiounen aus deenen anere Workshops krut.

No enger kuerzer Stäerkung beim Mëttesiessen am „Meteor" an dem dorop follgenden Check-In am Hostel goung et dann mat der traditioneller Partnerfoire weider.

Lassgaangen ass et mat de Presentatioune vun de verschiddene Partner vun der REEL. Duerno haten d'REELaner:innen op der Partnerfoire d'Méiglechkeet, mat de Partner an d'Gespréich ze kommen a sech auszetauschen. Hei ass dann och scho sécherlech iwwer déi eng oder aner Stage- oder Aarbechtsplaz geschwat ginn. Fir dem Ganzen och e bësse méi lockeren a net ze dréchene Kader ze ginn, gouf et parallel dozou schonn dat eent oder anert Gliesche Wäin an eppes Klenges ze iessen. Zum Ofschloss vun dësem usprochsvollen Dag ass et dann fir d'Soirée privée an de "Gold" gaangen.

Freides moies ass et da mat de kulturelle Visitte lassgaangen. D'REELaner:inne konnten am Viraus entscheeden, entweder bei e Wënzer, eng Distillerie oder an d'Europaparlament ze goen. Déi REELaner:innen, déi d'Entscheedung geholl haten, an d'Europaparlament ze goe, goufen do vun dräi vun eise sechs Europadeputéierten, dem Charles Goerens, Tilly Metz a Martine Kemp empfaangen. Mat hinne konnten d'Student:innen sech iwwer hir aktuell Suergen a Froe bezüglech der Europäescher Unioun austauschen a kruten als Ofschloss vun der Visitt de berüümten Hémicycle vum Europaparlament gewisen. Fir d'Mëttegiessen hu sech d'Participanten alleguer am „Brasseur" erëmfonnt. Do gouf et All-you-can-eat Flamekuch sou dass d'REELaner:inne sech laang iwwer déi verschidde Visitten austauschen konnten. Duerno ass et mam traditionelle Rallye duerch Stroossbuerg weidergaangen. Hei konnten d'REELaner:innen a klenge Gruppen op engem Tour esouwuel d'Stad wéi och Student:innen aus anere Cerclë besser kenneléieren. Den Ofschloss vun dësem erfollegräiche Rallye war dat gemeinsamt Owesiessen am „Gruber", ier et dann op d' Soirée publique am "Salamandre" goung.

Samschdes stoung dann d'Journée politique am "Palais de la Musique et des Congrès" um Programm. Heifir hu sech d'REELaner:innen extra chic gemaach. Dës Journée politique gëtt vum REEL-Comité a Kooperatioun mat der ACEL organiséiert. Mir haten dëst Joer d'Chance, direkt dräi Minister:innen op der REEL begréissen ze dierfen. Dëst waren de Premierminister Luc Frieden, souwéi d'Ministesch fir Héichschoul a Fuerschung Stéphanie Obertin an d'Ministesch fir Gesondheet a Sozial Sécherheet Martine Deprez. No enger kuerzer Begréissung vum REEL-President hunn de Premierminister an d'Héichschoulministesch jeweils e Monolog gehalen. De Premierminister huet a senger Ried iwwer seng Erfarungen op der alleréischter REEL 1984 erzielt. Des Weideren huet hien déi wichteg Roll vun de Jonken an der Gesellschaft ënnerstrach an erklärt am Hibléck op d'Thema vun der REEL, firwat a sengen Aen d'Pensiounsreform richteg an néideg war, fir deene Jonken eng Zukunft ze garantéieren. Duerno huet d'Madamm Obertin an hirem Monolog d'Beméiunge vum Héichschoulministère ënnerstrach, fir de Jonken e Studium ze erméiglechen. Si ass do virun allem op d'Reform vum neien AideFi-Gesetz agaangen. No de Monologen gouf et dann Introduktiounen zu deenen zwee groussen Themen vun der REEL. D'ACEL huet eng Presentatioun iwwer den aktuelle Pensiounssystem gehal, der Reform vun 2012 an de Reformusätz vun der Regierung no den dräi Sozialronnen. Duerno huet de Tom Haas, Direkter vum STATEC, eng Presentatioun zu der Evolutioun vun de Präisser an den Ausgaben zu Lëtzebuerg gehal, besonnesch mat dem Bléck op d'Wunnengssituatioun. Seng Schlussfolgerung war, dass och zu Lëtzebuerg d'Präisser geklomme sinn, mee dës Hausse méi moderat war wéi am Ausland a gréisstendeels duerch eng méi staark Gehaltsentwécklung kompenséiert gouf. Béid Presentatioune waren reng informativ an hunn als Diskussiounsbasis gedéngt fir d'Workshops, déi duerno ugefaangen hunn. Dës Workshops goufen, déi dëst Joer fir d'éischt Kéier gemaach goufen, haten als Zil d'Student:inne méi an d'Journée politique mat anzebannen. Et goufen dräi Workshops zum Thema Pensioun, déi d'Titelen haten „Pensioun – E gerechte Pensiounssystem", „Pensioun – Eng gelonge Reform?" a „Pensioun – Eng laangfristeg Reform?". Genee sou gouf et och dräi Workshops zum Thema Käschte mat den Titele „Käschten am Studium", „Käschten nom Studium" an „Käschten – Logement". An deene Workshops sinn och déi zoustänneg Ministere laanschtkomm an hu sech mat de Student:innen ausgetosch.

No de Workshops gouf e klenge Patt an duerno e Mëttegiessen.
Nom Mëttegiessen goufen d'Resultater aus den Workshops zum Thema Pensioun virgestallt. Duerno huet eng Table ronde zu deem Thema ugefaangen. D'Invitéë waren d'Martine Deprez, Ministesch fir Gesondheet a Sozial Sécherheet, de Mars Di Bartolomeo, Deputéierten a zoustännege Minister fir d'Reform vun 2012, de Marc Baum, Deputéierten, de Carlos Pereira, Member vum OGBL-Exekutivcomité, an den Gianni Di Paoli, President vun der ACEL. D'Martine Deprez huet an der Table ronde d'Reform verdeedegt an gesot, dass d'Mesuren, déi d'Regierung geholl huet, richteg waren, fir de System kuerzfristeg ze entlaaschten. Vun den anere Gäscht si méi kritesch Téin komm. Kritiséiert gouf virun allem, dass déi nei Reform de System schützt, an dass et der Regierung u Courage feelt, fir méi ambitiéis Léisungen.

No dëser éischter Table ronde goufen dann d'Resultater vun de Workshops zum Thema Käschte virgestallt. An der uschléissender Table ronde souzen d'Carole Hartmann an d'Djuna Bernard, Deputéiert, den Tom Haas, Direkter vum STATEC, de Christophe Knebeler, Member vum Comité de direction vum LCGB, an erëm den Gianni Di Paoli, President vun der ACEL. Et gouf virun allem iwwer d'Schwieregkeeten diskutéiert, déi vill Student:innen hu fir e Logement ze fannen. Dat net nëmme wéinst de Käschten, mee och wéinst dem Manktem un Offeren. D'Diskussioun ass och op d'Boursegesetz agaangen, d'Belaaschtung duerch Studenteprêten an d'Situatioun nom Studium, wou de Logement nach ëmmer de gréisste Problem duerstellt. Zum Schluss gouf betount, dass méi ëffentlech Investissementer an eng méi séier Administratioun néideg sinn, fir d'Situatioun ze verbesseren. No den interessanten an villfältegen Diskussiounen vun der Table ronde ass et schlussendlech zum Ofschlossiessen komm, bei deem d'Invitéë wéi och d'REELaner:inne net ze schei waren, e Glas Wäin ze drénken an zesummen op déi gelonge Journée politique unzestoussen. Nom Owesiessen ass et mam Bus an de Club fir d'Soirée chique gaangen.

Sonndes war dann de leschten Dag vun der REEL, wou de REEL-Comité jiddereen ob e Brunch am Hostel invitéiert huet an duerno sinn d'REELaner:innen dann op déi verschidden traditionell Spaassvisitte gaangen. Hei haten d'Student:innen d'Méiglechkeet, sech am Viraus fir d'Brasserie Meteor, de Musée du Pain d'Épice oder d'Schlass Haut-Koenigsbourg unzemellen. No de Visitten hu sech d'REELaner:innen nachengkéier zu Stroossbuerg getraff fir Äddi ze soen an dunn ass et och scho rëm mam Bus zeréck ob Lëtzebuerg gaang.

Dem REEL-Comité vu Stroossbuerg e grousse Merci fir d'Organisatioun vun dëser gelongener REEL a mir hoffen vill REELaner:innen op der 42. Editioun vun der REEL 2026 nächst Joer rëm ze gesinn.

**Pit Feltes**
Pilier Représentatioun

# DU WËLLS STUDÉIERE GOEN, WEESS AWER NACH NET SOU RICHTEG WOU?

OP DER STUDENTEFOIRE KANNS DU MAT STUDENT:INNEN AUS 30 VERSCHIDDENE STUDIESTIED SCHWÄTZEN A KUCKE BEI WEEM S DU DECH AM WUELSTE FILLS.

# DU BASS NACH ONSÉCHER, WÉI EE STUDIEGANG DE RICHTEGE FIR DECH ASS?

INSGESAMT 8/9 FACHSPEZIFESCH CERCLË SINN DO FIR DER HIR STUDIERICHTUNG MÉI NO ZE BRÉNGEN. DONIEFT SINN NATIERLECH OCH AUS DEN ËNNERSCHIDDLECHE STIED A STUDIEGÄNG STUDENT:INNE OP DER PLAZ DÉI DER DENG FROE BEÄNTWERTE KËNNEN.

# DAT GEET DIR NACH NET DUER?

INSGESAMT FËNNS DU 150 EXPOSANTEN OP DER FOIRE, DÉI DER D'STUDIEWELT VU 17 LÄNNER MÉI NO BRÉNGEN.

# STUDENTE-FOIRE 2025

**FOIRE DE L'ÉTUDIANT**
**STUDENT FAIR**

**30 OCT. 2025**
→ 9h - 18h

**31 OCT. 2025**
→ 9h - 16h

CAMPUS BELVAL




## PLAN DU CAMPUS DE BELVAL

### Lieux d'exposition

1 **MAISON DU SAVOIR**
2 **MAISON DES ARTS ET DES ÉTUDIANTS**
3 **MAISON DES SCIENCES HUMAINES**
4 **HALLE DES POCHES À FONTE**

### Restauration

A **Food Café** *(Maison du Savoir)*
B **Food House** *(Restaurant de l'Université)*
C **Food Lab** *(Maison des Sciences Humaines)*
D **Food Zone** *(Maison de l'Innovation)*

i **Points information**

**Accès aux différents bâtiments**

*Découvrez le plan du campus en digital*

**STUDENTEFOIRE.LU**

### Organisateur

Ministère de la Recherche et de l'Enseignement supérieur
- *18-20, montée de la Pétrusse, L-2327 Luxembourg*
- *studentefoire@mesr.etat.lu*
- *+352 24788650*
- *mengstudien.lu*

Contactez le ministère de la Recherche et de l'Enseignement supérieur pour savoir si la formation choisie vous donne droit aux aides financières de l'État !
***etudes@mesr.etat.lu***

## 2 MAISON DES ARTS ET DES ÉTUDIANTS

→ *Rez-de-chaussée*

**Cercles d'étudiants / Associations d'étudiants**

- ACEL – Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois
- Union Nationale des Étudiant-e-s du Luxembourg – UNEL
- Association Luxembourgeoise Socio-éducative et pédagogique – ALSEP
- Association Luxembourgeoise des Étudiant·e·s en Sciences Politiques et Sociétales – ALESPS
- Association Luxembourgeoise des Étudiants en Médecine – ALEM
- Association Luxembourgeoise des Étudiants en Psychologie – ALEP
- Association Nationale des Étudiants Ingénieurs Luxembourgeois – ANEIL
- Association Nationale des Étudiants Luxembourgeois en Droit – ANELD
- Jonk BAD, Bibliothéikswiesen-, Archivistik- an Dokumentatiouns-Student*innen
- National Association of Students in Business and Economics – ANESEC
- Nursing Student Association
- Akademischer Verein d'Lëtzebuerger
- Alesontia – Lëtzebuerger Studenten zu Bonn
- Amicale des Étudiants Luxembourgeois à Karlsruhe
- Lëtzebuerger Studenteclub Cölln
- Lëtzebuerger Studenten Würzburg
- Lëtzebuerger Studenten zu Bingen
- Lëtzebuerger Studenten zu Heidelberg
- Lëtzebuerger Studenten zu Kaiserslautern
- Lëtzebuerger Studenten zu München
- Lëtzebuerger Studenten zu Saarbrécken
- Lëtzebuerger Studenten zu Tréier
- Lëtzebuerger Studenten zu Düsseldorf
- Studente vu Lëtzebuerg op der Uni Freiburg
- Verein der Luxemburger Studenten in Berlin
- Lëtzebuerger Studenten Innsbruck
- Lëtzebuerger Studenten Wien
- Association des Étudiants Luxembourgeois à Paris
- Fondation Biermans Lapôtre
- Association des Luxembourgeois aux Universités de Strasbourg
- Cercle des Étudiants Luxembourgeois à Montpellier
- Étudiants luxembourgeois à Nancy
- Letz'Aix
- Cercle des Étudiants Luxembourgeois à Bruxelles
- Cercle des Étudiants Luxembourgeois à Bastogne
- Grand-Ducale Louvain-la-Neuve
- Lëtzebuerger Studenten zu Léck
- Friblëtz
- Lëtzebuerger Studenten zu Zürech
- Association des Étudiants Luxembourgeois à Lausanne
- Lëtzebuerger Studenten zu Maastricht
- Roud Léiwen Amsterdam
- Jugendrot

En collaboration avec ACEL

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche et de l'Enseignement supérieur

# KOMM OCH DU DEN 30. OKTOBER VU 9-18 AUER ODER DEN 31. VU 9-16 AUER OP DE CAMPUS BELVAL A GESTALT DENG ZUKUNFT!

# WEIDER INFOEN IWWERT D'AUSSTELLER FËNNS DU OP STUDENTEFOIRE.LU AN ACEL.LU.

# STUDENTEBAL '25




De 4. Juli 2025 huet op der Wiss hannert dem P+R Bouillon nees den traditionelle „De Studentebal" stattfonnt. Dëst Fest steet ganz am Zeeche vum Zesummebréngen an der Studentekultur zu Lëtzebuerg. Egal ob ee frësch aus dem Lycée kënnt oder schonn zanter e puer Joer Student ass, egal ob ee vu Mamer, Esch oder esouguer vun Innsbruck kënnt – hei ass jiddereen wëllkomm.

Nieft gudder Musék, flotter Ambiance a vill Spaass haten d'Studentecerclen och dëst Joer d'Geleeënheet, sech ze presentéieren an hir Kreativitéit ze weisen – a Form vun engem eegene „Special Drink". Am Ganze waren 30 Cerclë mat dobäi, verdeelt op 13 Comptoiren, an hu fir net manner wéi 29 verschidde Special Drinks gesuergt. Esou war garantéiert, dass fir all eenzele vun de ronn 4.000 Visiteuren eppes Passendes dobäi war.

Natierlech ass och fir dat kulinarescht Wuel gesuergt ginn: vum Grill sinn et lecker Wippecher ginn, déi perfekt zur feierlecher Stëmmung gepasst hunn. Den Owend ass domat erëm eng Kéier e Beweis dofir gewiescht, wéi staark de Studentegeescht a wéi lieweg den Zesummenhalt an der Lëtzebuerger Studentenzeen ass.

**Cyril Wagner**
Pilier Regruppement

# REGATTA.LU



Säit 2015 schonn treffe sech Schüler:innen a Student:innen an der Bretagne fir zesummen ze Seegelen. Dëst Joer waren eng Rei ACEL-Comitésmemberen sou wéi Ancienen dobäi a konnten dësen zéngten Anniversaire materliewen.

Zu Quibéron hu sech vum 30. September bis de 6. August eng ronn 150 Leit versammelt a sinn zesumme geseegelt, hu gefeiert an al Kolleege rëmgesinn. Iwwert d'Joren ass do eng richteg Famill entstanen an Ekippe wéi de Jasper, d'Cocky Mafia oder och Les Chefs si bekannte Gesiichter.

Organiséiert gëtt d'Regatta vum Groupe Luxembourgeois de Croisière et de Régate (GLCR). Et sinn eng ettlech Bénévolen déi un dësem Event deelhuelen an esou Jonken erméiglechen hir éischt Seegelerfarungen ze sammelen. Wie sech bei der Regatta umellt muss keng Seegelerfarung hunn. Zil ass et nämlech och Ufänger d'Basis ze weisen a si sou fir de Sport ze begeeschteren. Wann d'Wiederkonditiounen et erlaben, fanne Coursse statt an zum Schluss gëtt ee Gewënner aus der Schüler:inne Kategorie gekiert an een aus der Student:inne Kategorie. D'ACEL hat sech leider net vu senger beschter Säit gewisen a war duerch e Bootsaccident opgefall. Fir dat nächst Joer schécke mir da wuel awer méi erfare Seegler op den Tour!

**Sophie Mangen**
Vize-Presidentin Informatioun

# TOURNOI DE NOËL



Iwwert den 21. an 23. Dezember hu mir eisen traditionellen Tournoi de Noël um Geesseknäppchen zesumme mat der LASEL ofgehal. Méi wéi 20 Studentecerclen hunn sech an de Sportshale vum Geesseknäppche getraff a si géinteneen ugetrueden.

Nodeems mëttwochs moies d'Qualifikatiounen am Basketball an am Volleyball fäerdeg ware, goung et mëttes ëm d'Coupen. An der Finall vum Volleyball konnten sech déi Kölner Student:inne géint d'Gewënner vum leschte Joer duerchsetzen an hu sech déi 1. Plaz ergattert. Fir d'Innsbrucker ass et leider knapp net duer gaangen a si hunn déi zweet Plaz um Podium missten anhuelen.

Beim Basket huet den neie Cercle LSL (d'Lëtzebuerger Studenten zu Lëtzebuerg) bewise wat si drop hunn a sech déi 1. Plaz geholl. Op zweeter Plaz d'Kölner an op 3. Plaz déi Zürecher Student:innen, déi trotz ustoendem Bal an der Luxexpo, Gas ginn haten.

Méindes ass et du weidergaang mam Fussball. D'Student:inne vu Montpellier hunn näischt ubrenne gelooss a sech déi 1. Plaz geholl. Nieft hinnen um Podium stoungen d'Stroossbuerger (2. Plaz) an déi Münchner (3. Plaz).

De Gesamtpokal goung säit laangem rëm un d'Kölner, déi op hirer Sporthéichschoul wahrscheinlech gutt geübt haten!

Dofir nach emol ee groussen MERCI u jiddereen deen dozou bäigedroen huet! Mir kucken awer och ganz gespaant no fir a freeën ons erëm jiddereen erëmzegesinn, awer och all déi nei Gesiichter wëllkomm ze heeschen! Esou fënnt den Tournoie de Noël dëst Joer den 22. an 23. Dezember statt. Méi Informatioune ennert acel.lu/tournoi-de-noel/

**Sophie Mangen**
Vize-Presidentin Informatioun

•LCGB

DÉCOUVRE LE LCGB
Ton syndicat - là pour toi aujourd'hui et demain

ENTDECKE DEN LCGB
Deine Gewerkschaft - heute und morgen für dich da

Découvre nos services sur lcgb.lu ou scanne le code QR
*Entdecke unsere Leistungen auf lcgb.lu oder scanne den QR Code*




INFO@LCGB.LU | WWW.LCGB.LU | LCGB.LU | lcgb_luxembourg | LCGB

# INTERCERCLEN A BALER



Iwwer dat ganzt Joer verdeelt, fanne sougenannten Intercerclen a Studentebaler statt.

Op engem Intercercle komme Student:innen aus verschiddene Cerclen an enger Studiestad zesumme, fir ganz verschidden Aktivitéiten duerchzeféieren. En Tarte-flambée-à-volonté -Owend zu Stroossbuerg, e Cafésrallye zu Oochen, e Spikeballturnéier zu Freiburg, d'Saufest zu Wien, d'Velosheemrees vu Karlsruhe oder dat traditionellt Volleyballsturnéier zu Kaiserslautern.

An all deene Stied an a villen anere kann ee seng Kolleege rëmgesinn a puer flott Stonnen oder Deeg matenee verbréngen. Meeschtens ginn och Schlofplaze vun de lokale Student:innen ugebueden, soudass déi ganz Rees fir keen ze deier gëtt.

Bis dato hunn dëst Joer 20 Intercerclen a 4 Baler stattfonnt, dorënner och „De Studentebal", dee vun der ACEL organiséiert gëtt. Mee wat ass en Intercercle ouni den Dany Da Silva Pinto? Et kéint ee bal soen, dass et kee richtegen Intercercle war, wann den Dany net och present war. Den Dany huet eppes gepackt, wat an der Geschicht vun der ACEL nach bal ni een erreecht huet a sou séier och sécherlech keen erreechen wäert; hie war op sou gutt wéi all Intercercle op Besuch an huet säi Geessbock-Cercle do gutt an éierbar vertrueden! Sou eng Leeschtung duerf net onnotéiert dovu goen a mir kënnen alleguer vun senge weise Wierder a senger Erfarung profitéieren. Dofir sinn hei e puer Q&A's vun der Intercercle-Legend héchstperséinlech:

**Wéi een IC huet dir am beschte gefall a firwat?**
Ech hunn eigentlech kee richtege Favorit oder fannen ee richteg schlecht. All IC war op seng Aart a Weis individuell. Iwwerall huet ee seng Momenter mat de Léit sur Place erlieft op groussen oder klenge Intercercle. Am beschten hu mir awer d'Momenter mat den neie Leit sur Place gefall. Nei Stied z'entdecken, souwéi nei Erfarungen ze maachen. Op Kultur, Sport oder Rallyen.

Iwwerall war et anescht an dat maachen d'Intercerclen an de verschiddene Stied aus, do ass et egal wien de Beschten ass, mee éischter wat een no engem Intercercle mathëllt an dat sinn d Erënnerunge mat der Stad a mat de Mënschen.

**Firwat sollen d'Intercerclen weiderhi bestoe bleiwen?**
ICë solle bestoe bleiwe, well et méi ass wei nëmmen eng aner Studiestad ze besichen. Et entdeckt een d'Liewe vun de Student:innen an den ënnerschiddleche Stied. Verschidde Kulturen a villes mei. Et léiert een nei Leit kennen, souwéi een och villes fir säin eegene Cercle oder sech selwer mathëllt.

Intercerclë sinn doraus entstan aner Student:innen aus anere Stied ze empfänke souwéi eng flott Zäit mateneen ze verbréngen. Et geet drëm d'Studentecommunautéit oprecht ze erhalen. An doriwwer raus d'Cercles-Welt opzebauen an net ze verléieren. Also net nëmmen de soziale Volet, mee och de kulturellen Deel gëtt duerch d'Veräinsliewen/Cerclesliewen opgebaut.

**Wéi kann een en IC denger Meenung no attraktiv gestalten?**
Et muss ee sech selwer d'Fro stelle wat een duerch den IC erreeche well. ICë soll een net als simpelt Event verkafe, wat ee gefillt nëmme fir d'ACEL wéinst de Subsidë mécht, mee éischter als Geleeënheet anere Student:innen hir Stad an hir Facetten ze weisen. Egal op Grousssstad oder eng mei kleng Stad.

Et spillt och keng grouss Roll wei grouss de Programm ass, mee éischter wat een de Leit ubitt déi komme soudass jiddereen Interessi huet ze kommen. An do hunn déi meescht Intercerclen ëmmer eppes Spezifesches u sech, wat zur Stad oder dem Land passt. Et soll een also eppes Individuelles gestalte, wat aussergewéinlech, souwéi interessant fir d'Leit ass, fir dass si kommen.

**Wat däerf denger Meenung no bei engem IC op guer kee Fall feelen?**
Géif soen, déi Fro ass fir jiddereen individuell. Ech si Fan vun Infoe, souwéi Austausch vum Comité an dem Participant. Et fillt ee sech vill mei wuel, wann ee weess wat um Programm steet, souwéi wien am Comité vum Cercle dran ass. Anersäits freet ee sech natierlech, wann ee vill um Intercercle gebuede kritt. Ob dat lo genuch Gedrénks oder ganz banal Schlofplaze sinn.

Haaptsächlech soll awer eng positiv Stëmmung herrschen, fir dass een den Intercercle genéisse kann. Also eng oppen Atmosphär wou jidderee vun iwwerall wëllkomm geheescht gëtt.

**Mattis Alexander Noël**
Vize-President Regruppement





PUBLIREPORTAGE LALUX

# Ouni Stress studéieren!

**D'Première ass an der Täsch, an elo? Fir dass Dir an aller Rou Äert Studium oder Är Léier absolvéiere kënnt, huet LALUX en eenzegaartege Versécherungspackage entwéckelt, deen Äre Besoinen entsprécht.**

## Eng komplett Ofsécherung fir Äert Studium oder Är Léier

Säin Doheem ze verloosse fir an d'Ausland studéieren ze goen, kann eng grouss Erausfuerderung sinn. No der éischter Euphorie iwwer de gepackte Premièresexamen ass et un der Zäit fir akkurat ze plangen: den definitive Choix vun der Uni treffen, d'Kueren eraussichen, eng Wunneng fannen, nei Frëndschaften an engem internationalen Ëmfeld schléissen. Dobäi kënnt och nach d'Gestioun vum alldeegleche Liewen: den Haushalt maachen, Rechnunge bezuelen, Problemer mat der Internetverbindung léisen...

Dësen neie Liewensofschnëtt ass enorm spannend a fir dësen a vollen Zich ze genéissen, ass et wichteg alles gutt z'organiséieren, fir eventuell Iwwerraschungen am Zesummenhang mat Finanzen, der Wunneng oder der Gesondheet z'evitéieren. Mat easyPROTECT Discover schaaft LALUX Sécherheet fir d'Studenten an hir Elteren.



## Keng onerwaarten Iwwerraschungen

Dacks ass ee sech dem Oflaf vun den administrative Prozeduren am Studieland net bewosst. Wat maachen, wann Dir op eemol d'Zänn wéi hutt, krank gitt oder eng onerwaart Verletzung erleit? Wéi bezilt een déi noutwenneg medezinesch Consultatiounen, Medikamenter oder esou guer e Spidolsopenthalt? Oder wat geschitt, wann de Laptop op deem Dir Är Ofschlossaarbecht schreift de Geescht opgëtt, nodeems Dir de batter néidege Kaffi driwwer ausgeschott hutt? Wéi sollt Dir virgoen, wann Dir Äre Smartphone geklaut kritt?

**easyPROTECT Discover** ass eng Versécherungsléisung, déi speziell fir Studenten, Léierbouwen a -meedercher ënner 27 Joer, déi egal wou an Europa studéieren, entwéckelt gouf. De Basisschutz ëmfaasst dobäi déi privat Haftflicht, de Schutz vun der Wunneng géint Waasser- a Feierschied, Glasbroch a Schied un de Miwwelen. Esou eng Ofdeckung ass a ville Länner obligatoresch, wann Dir eng Wunneng oder en Zëmmer loune wëllt.

## Eng komplett international Ofsécherung

Zu der genannter Basisgarantie kënnen och nach aner optional Schutzmoossnamen ofgeschloss ginn. Dozou gehéiert déi weltwäit Ofsécherung vun Ären informatesche Geräter (Laptop, Smartphone etc.) viru Broch an Déifstall. Eng zousätzlech medezinesch Ofsécherung kann an deene Länner sënnvoll sinn, an deenen déi gesetzlech Krankeversécherung nëmmen en Deel vun der medezinescher Versuergung oder Zänndoktere rembourséiert. Eng schwéier Erkrankung oder den Doud vum Student oder engem vun den Eltere kann zu engem fréizäitegen Ofbroch vum Studium féieren. An dësem Fall kënnen d'Aschreiwungskäschte rembourséiert ginn. Och ginn an engem Noutfall d'Réckféierungskäschte vun easyPROTECT Discover iwwerholl. Wann d'Eltere scho LALUX-Client sinn, da kritt Dir op de komplette Versécherungspackage interessant Reduktiounen.

Wann de Student d'Chance op en Auslandssemester op engem anere Kontinent maache kann, kann d'IT- an d'Krankeversécherung fir e limitéierten Zäitraum och op ausserhalb vun Europa erweidert ginn.

easyPROTECT Discover gëtt et zënter 2017. Et ass déi éischt an eenzeg Komplettléisung zu Lëtzebuerg fir Studenten, Léierbouwen a -meedercher.

Méi Informatiounen a Präissimulatioune fir easyPROTECT Discover:

www.easydiscover.lu

# PRESENTATIOUN VUN DE MEMBERS-CERCLË VUN DER ACEL

## Fachspezifesch Cerclen

### ALEM

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine
contact@alem.lu

### ALEP

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Psychologie
contact@alep.lu

### ANEIL

Association Nationale des Etudiants Ingénieurs Luxembourgeois
contact@aneil.lu

### ANELD

Association Nationale des Etudiants Luxembourgeois en Droit
contact@aneld.lu

### ANESEC

Association Nationale des Etudiants en Sciences Economiques et Commerciales
info@anesec.lu

### HISTORIC.UL

Association des Etudiants en Histoire du Luxembourg
historic.ul1@gmail.com

### JONK BAD

Bibliothéikswiesen-, Archivistik- an Dokumentatiouns-Studenten
info@jonkbad.lu

## Lännerspezifesch Cerclen

**Däitschland**

### AELK

Amicale des Etudiants Luxembourgeois à Karlsruhe
contact@aelk.lu

### ALESONTIA

Lëtzebuerger Studenten zu Bonn
kontakt@alesontia.lu

### AVL

Akademischer Verein d'Lëtzebuerger
comite@avl.lu

### LSB

Lëtzebuerger Studenten zu Bingen
ls-bingen@outlook.de

### LSC

Lëtzebuerger Studenteclub Cölln
lsc.comite@gmail.com

### LSD

Lëtzebuerger Studenten zu Düsseldorf
lsdcomite@gmx.de

### LSH

Lëtzebuerger Studenten zu Heidelberg
lsh.comite@gmail.com

### LSK

Lëtzebuerger Studenten zu Kaiserslautern
comite@lsk.lu

### LSM

Lëtzebuerger Studenten zu München
comite@lsm.lu

### LSS

Lëtzebuerger Studenten zu Saarbrécken
lss.comite@outlook.com

### LST

Lëtzebuerger Studenten zu Tréier
comite@lst.lu

### LSWÜ

Lëtzebuerger Studenten zu Würzburg
lswue.info@gmail.com

### SLUF

Studente vu Lëtzebuerg op der Uni Freiburg
comite.sluf@gmail.com

### VLIB

Verein Luxemburger Studenten in Berlin
comite.vlib@gmail.com

**Frankräich**

### AELP

Association des Etudiants Luxembourgeois à Paris
contact@aelp.lu

### ALUS

Association des Luxembourgeois aux Universités de Strasbourg
contact@alus.lu

## CELM

Cercle des Etudiants Luxembourgeois à Montpellier
celm.comite@gmail.com

## ELAN

Etudiants Luxembourgeois à Nancy
elan.comite@gmail.com

## LËTZ'AIX

Association des Etudiants Luxembourgeois à Aix-en-Provence
comite@letzaix.com

**Belsch**

## CELB

Cercle des Etudiants Luxembourgeois à Bruxelles
comite@celb.lu

## CELBAS

Cercle des Etudiants Luxembourgeois de Bastogne
celbas2014@hotmail.com

## GDL

Grand-Ducale à Louvain-la-Neuve
grand-ducale@hotmail.com

## LËSTLÉ

Lëtzebuerger Studenten zu Léck
comite@lestle.lu

**Schwäiz**

## AELL

Association des Etudiants Luxembourgeois à Lausanne
aell.comite@gmail.com

## FRIBLËTZ

Lëtzebuerger Studenten zu Fribourg
comite@friblëtz.lu

## LSSG

Lëtzebuerger Studenten zu St.Gallen
lsstgallen@gmail.com

## LSZ

Lëtzebuerger Studenten zu Zürech
comite@lsz.lu

**Groussbritannien**

## SLSB

Society of Luxemburgish Students in Britain
slsbritain@gmail.com

**Éisträich**

## LSI

Lëtzebuerger Studenten zu Innsbruck
contact@lsi-students.at

## LSW

Lëtzebuerger Studenten zu Wien
lsw@lsw.lu

**Holland**

## RLA

Roud Léiwen Amsterdam
comite.rla@gmail.com

## LSMAAS

Lëtzebuerger Studenten zu Maastricht
comite.lsmaas@gmail.com

**Lëtzebuerg**

## LSL

Lëtzebuerger Studenten zu Lëtzebuerg
lsl.comite@outlook.com

**Nei Cerclën**

## ALESPS

Association Luxembourgeoise des Etudiant*es en Sciences Politiques et Sociétale
contact.alesps@gmail.com

## ALSEP

Association Luxembourgeoise Socio-éducative et pédagogique
alsep.comite@gmail.com

## ALES

Association Luxembourgeoise des étudiants en sport

## LSF

Lëtzebuerger Studenten zu Frankfurt



The bridge
to your freedom
SPUERKEESS.LU/axxess
axxess
VISA
Debit
5431 3210 1234 5678
VALID THRU 11/27
JIL SCHMIT
Ta carte
Ton compte
Tes avantages
STUDY
Pour les étudiants de 18 à 30 ans
axxess
Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome 1, Place de Metz, L-1930 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B30775